

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président

Sommaire

1. Dépôt d'un projet de loi par M. Claude Wiseler
2. Hommage à M. Henri Grethen et à M. Emile Calmes
3. 5711 - Projet de loi relative aux obligations de transparence concernant l'information sur les émetteurs dont les valeurs mobilières sont admises à la négociation sur un marché réglementé et portant transposition de:
 - la directive 2004/109/CE du Parlement européen et du Conseil du 15 décembre 2004 sur l'harmonisation des obligations de transparence concernant l'information sur les émetteurs dont les valeurs mobilières sont admises à la négociation sur un marché réglementé et modifiant la directive 2001/34/CE;
 - l'article 9 du règlement (CE) no 1606/2002 du Parlement européen et du Conseil du 19 juillet 2002 sur l'application des normes comptables internationales;et portant modification de:
 - la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une Commission de surveillance du secteur financier
 - *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Lucien Thiel*
 - *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
4. 5801 - Projet de loi
 - 1. portant modification - de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu; - de la loi modifiée du 1^{er} mars 1952 modifiant certaines dispositions relatives aux impôts directs; - de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet; - de la loi modifiée d'adaptation fiscale du 16 octobre 1934;
 - 2. portant introduction de la loi concernant le boni pour enfant;
 - 3. portant modification de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;
 - 4. portant modification de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective;
 - 5. portant modification de l'arrêté grand-ducal modifié du 8 octobre 1945 portant réorganisation du statut de la Chambre des Artisans (suite)
 - *Dispense du second vote constitutionnel*
5. 5785 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire et modifiant
 - a) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,
 - b) la loi modifiée du 28 juillet 1973 réglant l'usage des armes et autres moyens de contrainte par les membres de la force publique dans la lutte contre la criminalité,
 - c) la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'État,
 - d) la loi modifiée du 27 juillet 1992 relative à la participation du Grand-Duché de Luxembourg à des opérations de maintien de la paix (OMP) dans le cadre d'organisations internationales,
 - e) la loi du 31 mai 1999 portant création de la police grand-ducale et d'une inspection générale de la police,
 - f) la loi du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'Étatet
- 5808 - Projet de loi portant autorisation de dépenses d'investissement dans des capacités et moyens militaires
 - *Rapports de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marcel Glesener*
 - *Discussion générale: M. Norbert Hauptert (répondant à M. Robert Mehlen), M. Charles Goerens, M. Ben Fayot, M. Félix Braz, M. Jacques-Yves Henckes, M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Défense*
 - *Vote sur l'ensemble du projet de loi 5785 et dispense du second vote constitutionnel*
 - *Vote sur l'ensemble du projet de loi 5808 et dispense du second vote constitutionnel*
6. Demandes en naturalisation
 - *Adoption en séance non publique de 85 demandes en naturalisation avec dispense du second vote constitutionnel*
- Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres.
- (Début de la séance publique à 14.30 heures)

» M. le Président.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Interruption)

Den Här Bauteminister Claude Wiseler huet d'Wuert.

1. Dépôt d'un projet de loi

» M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*.- Ech wollt der Chamber matdeelen, datt ech autoriséiert si par règlement grand-ducal vum 13. Dezember 2007, ee Gesetzesprojekt iwwert de Régime des permissions de voirie an der Chamber ze déposéieren.

- *Projet de loi N°5823 relatif au régime des permissions de voirie.*

Merci, Här President.

» M. le Président.- Ech ginn dem Här Minister Akt vum Dépôt vun dësem Projet, deen un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet gëtt.

2. Hommage à M. Henri Grethen et à M. Emile Calmes

Dir Dammen an Dir Härën, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, mat Effet op haut verloossen eist Parlament op fräiwëllege Wonsch zwee Kolleegeen aus der DP-Fraktioun, déi hono-rabel Härën Henri Grethen an Emile Calmes. Eist Parlament verléiert mat hinnen zwee kompetent, zwee erfueren an och zwee ganz beléifte Volleksvertrieder.

Virun 23 Joer huet den Här Henri Grethen seng villverspriechend Carrière hei um Krautmaart ugefaangen. 23 Joer laang huet hien an dësem Parlament an och während där Zäit, wou hien an der Regierung war, ervirgestach, hien huet ervirgestach duerch seng Kompetenz, virun allem a Wirtschafts-a Finanzfroen, duerch säin ausserge-wéinlecht Riednertalent, duerch dat hien esou muncher Debatt an dësem Parlament säi Stempel opgedréckt huet. Hien huet er-virgestach duerch säi frëndlecht an ze-virkommend Optrieden an dann och an net zulescht duerch seng Korrektheet, seng Fairness a seng Loyalitéit vis-à-vis vun deenen, wou hien am Wuert stoung.

Virun 18 Joer an op 18 Joer politesch Akti-vitéit an der Chamber kann den Emile Calmes zrëckkucken. Seng räich Erfahrung an der Gemegepolitik huet hien an déi zoustänneg Kommissioun erabruecht an hien huet doriwwer eraus e puer Mol als Budgetsrapporteur seng vernetzten Ap-proche vu ville Politikberäicher ënner Beweis gestallt. Virun allem seng Kom-petenz a säin Engagement an der Ëmwelt-politik hunn ervirgestach, en Terrain, op deem hie sech en Numm gemaach hat wäit iwwert d'Fraktiungsgrenz vun der DP eraus.

Den Henri Grethen an den Emile Calmes beschreiden elo nei Pied, an ech sinn iwwerzeegt, datt si och an hirem neie Wier-kungsfeld deeselwechten Asaz beweisen, wéi se dee während laange Joren hei an der Chamber un den Dag geluecht hunn.

Ech wënschen eisen zwee Kolleegeen, déi eis an dësem Parlament zu Eier gerecht hunn, am Numm vun lech alleguerte vill Gléck, vill Satisfaktioun a vill Erfolleg op hirem weidere Wee.

» Plusieurs voix.- Très bien.

» M. le Président.- Dir Dammen an Dir Härën, mir kommen dann zu deem éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi iwwert d'Transparenz um Finanz-maart. Et si bis elo ageschriwwen den Här Meisch an den Här Fayot. D'Wuert huet elo eise Rapporteur, de Finanzspezialist, den Här Lucien Thiel.

Chamber TV

an der Stad

um Kanal S 29 (Coditel) oder um Kanal S 40 (Eltrona/Siemens)

zu Esch um Kanal S40 (455.25 MHz)

zu Déifferdeng um Kanal S 29

zu Diddeleng um Kanal S 32

an der Gemeng Nidderaanwen um Kanal S 29

3. 5711 - **Projet de loi relative aux obligations de transparence concernant l'information sur les émetteurs dont les valeurs mobilières sont admises à la négociation sur un marché réglementé et portant transposition de:**

- la directive 2004/109/CE du Parlement européen et du Conseil du 15 décembre 2004 sur l'harmonisation des obligations de transparence concernant l'information sur les émetteurs dont les valeurs mobilières sont admises à la négociation sur un marché réglementé et modifiant la directive 2001/34/CE;
 - l'article 9 du règlement (CE) no 1606/2002 du Parlement européen et du Conseil du 19 juillet 2002 sur l'application des normes comptables internationales;
- et portant modification de:
- la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une Commission de surveillance du secteur financier

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» M. Lucien Thiel (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President, fir de Spezialist. Kolleegeinnen a Kolleegeen, et gëtt kaum e Wirtschaftssektor, deen esou enk reguléiert an esou streng kontrolléiert ass wéi d'Geschäft mat de Suen.

Bréissel produzéiert um lafende Band Direktiven, déi de Finanzberäich méi transparent maache sollen, fir datt de Client dat Ganzt besser duerchkucke kann an hien och sécher si kann, datt hien net iwwert den Dësch gezu gëtt vu sengem Banquier oder soss engem aus där Branche.

A wann et net déi Bréissler Europa-Giischercher sinn, da sinn et d'Zentralbank-Gouverneuren an d'Finanzkontrolleuren, déi sech an der Schwäiz zu Basel, regelméisseg gesinn, fir souzese global, also iwwert den EU-Raum ewech de Geldmarché an der Gitt ze halen. Et kënnt ee scho bal mengen, an deem Geschäft géifen nëmme ganz Uerger sech erëmdreiwën, op déi d'Autoritéiten e ganz besonnesch schaarft A behale muss.

An deem Zesummenhang gëtt jo nawell gär bis op d'Bibel zrëckgegraff an un déi Episod erënnert, wou eiser Här d'Banquiere mat enger Gäissel aus dem Tempel ge-dräuscht huet zu Jerusalem.

(Hilarité)

Déi manner Reliés zitëieren alt och emol de Berthold Brecht, dee behaupt huet, wierk-lech gescheit Gauner géife keng Bank iwwerfale, mä si géife ganz einfach eng eege grënnen.

Elo mengen ech awer, datt d'Banquieren net besser an net schlechter si wéi den Duerch-schnëtt vun der Mënschheet, mä datt si ganz einfach e Beruff maachen, dee méi exposéiert ass wéi anerer, an datt si duerfir esou munches u Regeln an u Kontroll mussen iwwer sech ergoe loossen, wat anere Beruffer erspuert bleift.

Als Banquier huet een nun ebe mat allerlee Zorte Mënschen ze dinn, ënnert deenen der och emol sinn, déi d'Suen esou gär hunn, datt si dofir iwwer Läiche géife goen an alle Sënner vun Wuert, géif ech soen. All knaschtegt Geschäft huet och mat Suen ze dinn, ob Mënschen- oder Drogenhandel, ob Waffeschieberei oder systematesch Of-zockerei. An do, wou Suen am Spill sinn, ass noutgedrongen och de Banquier net wäit ewech, wat deem dann déi zweifelhaft Eier abréngt, alt och emol mat hinnen an een Dëppe geworf ze ginn.